

Commission du vivre-ensemble interculturel vum 11/06/2026

Presenzen

Présent	Absent
Block Stefanie Brandenburger Rosie (per video zougeschallt fir Punkt 1&2) De Rocco Magali Koepp Natascha Leurart Ann Peiffer Véronique Pinto Toni Ruppert Lydie (per video zougeschallt fir Punkt 1 & 2) Sadler Marie (Sekretärin) Ungeheuer – Origer Sylvia	Leches Max (entschëllegt)

1. Presentatioun

Vu dass d’Natascha néi an der Kommissioun ass an d’Sandrine ersetzt, gouf en tour de table gemaach wou all Member sech kuerz virgestallt huet.

2. Néiwiell Postenbesetzung Kommissioun

De Posten vun der Presidentin misst néi gewielt ginn, vu dass d’Sandrine aus der Kommissioun démissionnéiert huet. Fir de Posten vun der Präsidentin huet sech just d’Magali De Rocco gestallt. Hatt gouf mat 7 Jo Stëmmen an 3 Enthaalungen gewielt. Vu dass d’Magali virdrunner Vize-Presidentin war, misst dëse Posten och néi gewielt ginn. Hei huet sech d’Sylvia Ungeheuer – Origer gemëllt. Hatt gouf mat 3 Enthaalungen a 7 Jo-Stëmmen gewielt.

3. CEFIS: Organisatioun vum groupe de travail

Et ass eng Mail vun CEFIS komm dass si den verschiddenen Kommissiounen vum “vivre ensemble” proposéieren eng Evaluatioun mi-mandat ze maachen. Mir schwätzen iwwer dës Propose an haalen fest dass dëst ganz interessant ass. Allerdéngs fannen mir et schwéier dëst nach dëst Joer ze maachen. Mir géingen dës Evaluatioun léiwer Ufank 2027 maachen. Sou hu mir nach Zäit fir Projet'en en place ze setwen an z'evoluéieren. Ideal wier wann si kéinten Enn Januar/Ufank Februar 2027 kommen.

D'Magali äntwert op de Mail op dëst och fir 2027 méiglech wier. Falls dëst méiglech wier, géinge mir gären Léit aus dem Schaffen a Gemengerot mat op dës Versammlung invitéieren.

4. Groupes de travail:

- Spillerowend:

Feedback vun den aaneren Gemengen ass dass dëst eister lues uleeft an et puer Kéiere brauch bis vill Léit kommen. Et wier eng Iddi et all Kéiers an engem anneren Duerf z'organiséieren.

Appel un d'Memberen: Jiddereen soll Reklamm fir d'Event maachen.

De nächste Spillerowend ass den 21/10/2026 zu Brouch. D'Stefanie ass a Kontakt mam CDJ Brouch fir ze kucken op si sech em d'Gedrénks këmmen.

D'Event ass open fir Léit ausserhalb vun eiser Gemeng.

Flyeren:

Iddi ass opkomm fir et nächst Kéier just op social média ze publizéieren a just puer Flyeren drécken ze lossen an déi op verschiddenen Plätzen ze verdeelen.

5. Beachdref 2026:

Als Kommissioun hu mir d'Méiglechkeet diskutéiert, um Beachdref 2026 matzemaachen. Well et fir vill Membere vun der Kommissioun zäitlech schwierig ass an mir de Moment och keng passend Iddi hunn, déi dem Optrag vun der Kommissioun Vivre Ensemble entsprécht, hu mir decidéiert, dëst Joer näischt um Beachdref z'organiséieren. D'Magali äntwert op d'Mail, déi mir kruten.

6. “Save the date” – Forum régional du vivre-ensemble interculturel “de l'accueil au sentiment d'appartenance”

Mir kënnen eis individuell umëllen, solle just am viraus Bescheid soen